

3122 – Demande de pétition publique : Interdiction de l'utilisation de TikTok sur le territoire luxembourgeois

Dépôt : M. Victor Asmar, le 24/03/2024

3123 – Demande de pétition publique : Introduire une loi sur les États promoteurs du terrorisme et les États qui utilisent des moyens terroristes, et désigner la Russie comme un tel État

Dépôt : M. Anzhel Bozhinov, le 24/03/2024

3124 – Demande de pétition publique : Élargir les critères d'éligibilité pour la nationalité luxembourgeoise, reconnaissance des compétences linguistiques dans les trois langues officielles du pays

Dépôt : M. Hicham Benmabkhout, le 24/03/2024

3125 – Demande de pétition publique : Résiliation des assurances Luxembourg – protection du consommateur

Dépôt : M. Mikaël Hamon, le 25/03/2024

3126 – Demande de pétition publique : Nei Steierklass fir Superräicher / Nouvelle classe d'imposition pour les super-riches

Dépôt : M. Jeff Cigrand, le 26/03/2024

3127 – Demande de pétition publique : Cannabis Social Club

Dépôt : M. Xavier Christophe Thill, le 26/03/2024

3128 – Demande de pétition publique : Zuchtrafick vun der 1. Klass fräimaache bei enger Verspéidung vu mindestens 5 Minuten

Dépôt : M. Sven Lutgen, le 27/03/2024

3129 – Demande de pétition publique : Jour férié : Vendredi saint

Dépôt : M. Florian Grazina, le 27/03/2024

3130 – Demande de pétition publique : Permettre aux personnes mariées de choisir leur nom d'usage

Dépôt : M. Florentin Ladurelle, le 27/03/2024

3131 – Demande de pétition publique : Abolition de l'examen de promotion pour les fonctionnaires et employés dans la carrière inférieure de la fonction publique

Dépôt : M. Yves Lill, le 29/03/2024

3132 – Demande de pétition publique : Un corps de C.R.S. luxembourgeois dans les villes dominantes de crimes et d'agression, Luxembourg-Ville, Esch/Alzette, Esch/Beval, Pétange, Differdange

Dépôt : M. Sven Schomer, le 30/03/2024

3133 – Demande de pétition publique : Geneemegung fir d'Police, fir d'Propretéit vun onse Stroossen ze assurieren

Dépôt : M. Zacharie Thimmesch Oudar, le 05/04/2024

3134 – Demande de pétition publique : Facilitez l'obtention de la nationalité luxembourgeoise pour les conjoints de citoyens luxembourgeois

Dépôt : M. Hicham Benmabkhout, le 08/04/2024

3135 – Demande de pétition publique : Améliorer les conditions de retour au travail des femmes après le congé maternité/congé parental

Dépôt : M. Morgane Him, le 09/04/2024

3136 – Demande de pétition publique : Boergeld als Bezuehlungsmittel an der Verfassung schützen / Bargeld als Zahlungsmittel in der Verfassung schützen / Protéger les espèces comme moyen de paiement dans la Constitution / Protect cash as a means of payment in the Constitution

Dépôt : M. Luc Martiny, le 10/04/2024

3137 – Demande de pétition publique : Reconnaissance envers les parents endeuillés par la perte d'un nouveau-né

Dépôt : M. Domenico Loconte, le 11/04/2024

3138 – Demande de pétition publique : Die Errichtung öffentlicher Fitnessparks in jeder Gemeinde Luxemburgs

Dépôt : M. Mykita Thill, le 11/04/2024

3139 – Demande de pétition publique : Pfand auf allen Arten von PET-Flaschen und Dosen

Dépôt : M. Paulo Dos Santos, le 13/04/2024

3140 – Demande de pétition publique : Pour une souveraineté citoyenne authentique, réelle et inaliénable : inscription du droit à la désobéissance civile dans la Constitution luxembourgeoise

Dépôt : M. Christophe Edouard Pascal Dupin, le 15/04/2024

3141 – Demande de pétition publique : Pour déplacer le centre Abrigado de Bonnevoie

Dépôt : Mme Elisabeth Lauwerier, le 16/04/2024

3142 – Demande de pétition ordinaire : 48 Dingoe fir d'Ukrain

Dépôt : M. Romain Reiter, le 16/04/2024

3143 – Demande de pétition ordinaire : Botschaft an der Ukrain

Dépôt : M. Romain Reiter, le 16/04/2024

3144 – Demande de pétition ordinaire : Militärdéngscht fir all Persoun, déi en CDD beim Staat kritt

Dépôt : M. Romain Reiter, le 16/04/2024

3145 – Demande de pétition ordinaire : Ënnerstëtzung vun der Europäescher Solar/PV-Industrie

Dépôt : M. Romain Reiter, le 18/04/2024

3146 – Demande de pétition ordinaire : Devenir le premier Luxembourgeois à se rendre seul dans tous les pays reconnus par l'ONU dans le monde, le faisant de manière documentée

Dépôt : M. Tiago Peixoto, le 19/04/2024

3147 – Demande de pétition ordinaire : Pétition ordinaire pour lutter contre le mobbing et le cybermobbing dans les écoles

Dépôt : Mme Sara Cardoso Jorge, le 19/04/2024

N.B. Les intitulés des pétitions sont susceptibles d'être modifiés tant que la Conférence des Présidents n'a pas statué sur leur recevabilité. Dans le cadre du présent compte rendu, l'Administration parlementaire se réserve le droit d'apporter certaines corrections d'ordre grammatical et orthographique aux intitulés des pétitions.

#### 4) AVIS OFFICIEL

Communication du Président de la Chambre des Députés (23.04.2024)

Conformément à l'article 7, paragraphe 5, de la loi modifiée du 8 juin 1999 portant organisation de la Cour des comptes et aux dispositions des articles 128 à 129 de son Règlement interne, la Chambre des Députés sera appelée à établir une liste de trois candidats pour le poste de conseiller à la Cour des comptes (m/f/d) en remplacement d'un membre démissionnaire. Le remplaçant est nommé pour le reste de la période du mandat du conseiller de la Cour des comptes qu'il remplace. Ce mandat sera vacant à partir du 01.12.2024 et viendra à terme le 31.12.2029.

Les personnes intéressées peuvent adresser une candidature par simple lettre au Président de la Chambre des Députés, 23, rue du Marché-aux-Herbes, L-1728 Luxembourg, jusqu'au 04.06.2024, l'estampille de la poste faisant foi.

Les Députés peuvent proposer des candidatures par lettre adressée au Président de la Chambre des Députés. Dans ce cas, ils doivent s'assurer au préalable que le candidat accepte la candidature.

Pour être recevables, les candidatures doivent être accompagnées de notices biographiques et de toutes pièces utiles

indiquant que les conditions prévues à l'article 7, paragraphe 2, alinéa 2, de la loi précitée sont remplies, à savoir :

1) être de nationalité luxembourgeoise (copie de la carte d'identité) ;

2) jouir des droits civils et politiques (extrait du casier judiciaire et certificat d'inscription aux listes électorales) ;

3) offrir les garanties de moralité requises ;

4) satisfaire aux conditions d'aptitude physique requises pour l'exercice de la fonction (certificat médical) ;

5) être détenteur d'un diplôme d'études universitaires documentant un cycle complet de quatre années d'études accomplies avec succès dans l'une des matières suivantes : sciences économiques, études de réviser d'entreprises, droit ou sciences politiques (copie des diplômes, certificats et/ou homologations).

Pour toute information complémentaire relative à ce poste, veuillez vous adresser à Mme Maria Mathieu : 466 966-221 / mmathieu@chd.lu

(Tous les documents peuvent être consultés auprès de l'Administration parlementaire.)

## 7. 8383 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2024 et modifiant :

1° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques ;

2° la loi modifiée du 14 décembre 2016 portant création d'un Fonds de dotation globale des communes ;

3° la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999 ;

4° la loi modifiée du 25 mars 2020 portant création du Fonds spécial de soutien au développement du logement

## 8384 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2023-2027

Mir kommen haut de Mëtten zum Rapport vun der Finanzkommissioun iwwert de Projet de loi 8383 vum Staatsbudget fir d'Joer 2024 an iwwert de Projet de loi 8384 iwwert déi finanziell Programmation fir d'Joer 2023 bis 2027. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vun dëse Projets de loi, déi honorabel Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm, et ass un Iech.

### Rapport de la Commission des Finances

Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice | Här President, Här Premierminister mat Ärer ganzer Regierungsekip, dorënner och de Finanzminister, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen, de Rapport vum wichtegste Gesetz fir d'Lëtzebuurger Land a seng Awunner dierfen ze maachen, ass fir all Politiker eng grouss Éier. Et ass eng nobel Aufgab. Et ass eng faszinante Aufgab. Et ass eng Aufgab, déi engem Politiker normalerweis nëmmen eemol a senger politescher Karriär zoufält. Ech hunn déi Aufgab mat Respekt, awer och mat grousser Freed uegheoll. Dofir soen ech de Kollege vun der Finanzkommissioun e grouss Merci, déi mech op Proposition vum Marc Spautz als Budgets-rapporteur bestëmmt hunn a mir domadder dës Aufgab zougedroen hunn.

De Budgetsprojekt gouf dëst Joer de 6. Mäerz vum Finanzminister presetéiert an an der Chamber

hannerluecht. Duerno haten all d'Acteuren, déi an der Budgetsprozedur involvéiert sinn, nëmme knapps siwe Wochen Zäit, fir hir respektiv Avisen a Rapporten auszeschaffen. Dësen enken Timing war eng Eerausforderung fir eis all. Och fir mech als Rapportier war et e reegelrechte Marathon, fir d'Entrevü mat de sougenannte „Forces vives de la nation“ an dëser kuerzer Zäit ze féieren. Ech hu vun hinne vill wäertvoll Informatiounen an Iddie mat op de Wee kritt, vun deenen ech der och vill versicht hunn, a mengem schrëftlechen a mëndleche Rapport ze verschaffen.

An der Traditioun vun de meeschte Budgetsrapportere viru mir hunn ech mir erlaabt, a mengem Budgetsrapport op verschidde Punkte méi am Detail anzugeen, Punkten, déi den normale Kader vun engem Budgetsrapport iwwerschreiden. Ech soen de Membere vun der Finanzkommissioun Merci, dass si mir déi Fräiheet zougestane hunn. Konkreet hunn ech mech virun allem mat der Consolidatioun vun der Finanzplaz auseruegesat genee wéi och mat der Diversifizierung vun Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg. Si sinn de Garant fir de Wuelstand an dësem Land, deen et gëllt, fir déi zukünftige Generatiounen ofzesécheren. Ech hu mech awer och mat der Problematik vun der Iwwerverschëldung beschäftegt a wéi een dës ugoe kann.

Här President, de Budget, deen ech haut de Mëtteg presentéieren, ass deen éischte Budget vun dëser Legislatur. Fir prezis ze sinn, dréit et sech ëm zwee Gesetzer: engersäits dat klassesch Budgetgesetz an anerersäits d'Gesetz iwwert de laangfristige Finanzplang bis 2027. E Budget, dee matzen an eng schwéier wirtschaftlech Zäit fält, deen awer d'Zukunftsgestaltung vun eise Land an d'Erhalen an d'Verbesserung vum Wuelstand vun de Mënschen zu Lëtzebuerg fest am Bléck huet.

Dat lescht Joer war kee gutt Joer, och net fir d'Lëtzebuerg Wirtschaft. De Krich an der Ukrain, Tensiounen op anere Plazen an der Welt, héich Energiepräisser, Liwwerkettproblemer, de Réckgang vun der weltwäiter Demande, veronséichert Consommateuren, Rekordinflatoun a sou weider – bref, de Mix vun all dësen Elementer huet mat sech bruecht, dass Lëtzebuerg zënter Laangem erëm an enger Rezessioun war. De Statec rechent fir 2023 mat engem Réckgang vum wirtschaftleche Wuesstem ëm 1 %.

Sou wéi déi europäesch Reegelen dat virgesinn, baséiert de Budget ëmmer op de leschte Previsiounen, déi de Statec an aller Onofhängegkeet opgestallt huet. Fir dëse Budget ass et d'Note de conjuncture vum Dezember 2023. Wat d'Inflatiousberechnungen ugeet, esou baséieren déi op engem Update vum Februar 2024.

Nom éischter schlechte Joer 2023 gesäit de Statec fir 2024 eng Reprise viraus mat 2 % Wirtschaftswuesstum. Dës Reprise soll sech an de Joren 2025 bis 2027 ëm 2,8 % apendelen, an dat läit ënnert der laangjäregger Moyenne vun 3,2 %.

D'Dynamik um Aarbechtsmaart fir 2024 par kontergeet erof, mat engem Wuesstum vu just nach 1,3 % géint 2,1 % d'lescht Joer. Gläichzäiteg soll de Chômage eropgoen.

E positiven Trend gesäit een och um Niveau vun der Inflatoun. Duerch d'Mesure vun de verschiddenen Tripartite soll d'Inflatoun 2024 just nach bei 2,2 % leien no 3,7 % am Joer 2023. Generell solle mir positiv no vir kucken, well weltwäit de wirtschaftlechen Trend erëm lues, awer sécher no uewe weist.

Dir Dammen an Dir Hären, ier ech de Budget 2024 analyséieren, wëllt ech eng Kéier kuerz op de Kont vun 2022 agoen. Den honorabelen Deputéierte Franz Fayot wäert eis en Donneschdeg den Detail erklären.

Dem Budget 2022 seng Exekutioun war markéiert duerch d'Nowéie vum Covid-19 an dem Ufank vum Ukrain-Krich. Déi zwee Elementer hu sech an der wirtschaftlecher Entwécklung vun eise Land niddergeschloen, mat manner Croissance a méi héijer Inflatoun duerch d'Energiekris.

No der Lëtzebuerg Method hu mir d'Kont vum 2022 mat engem Defizit vun 1,2 Milliarden ofgeschloss. Zum Zäitpunkt vum Budgetsvott gouf nach mat engem Defizit vu knapp 1,49 Milliarde gerechent. Den Defizit ass elo 291 Milliounen méi niddereg wéi virgesinn.

Och beim Compte prévisionnel fir de Budgetexercice 2023 gesinn d'Zuele besser aus wéi geduecht. A mengem Rapport bezéien ech mech op d'Zuelen, déi mir den 23. Januar an der Finanzkommissioun presentéiert kritt hunn. Laut dësen Zuele gesäit de Solde provisoire vum Kont 2023 op den 31. Dezember, ouni extraordinär Operatiounen, e virleefegen Defizit vun enger Milliard vir. Dat wier eng Verbesserung vun 1,6 Milliarde par rapport zum gestëmmte Budget, dee vun engem Defizit vu knapp 2,6 Milliarden ausgaange war.

Här President, komme mir elo zum Budget fir 2024. Dëse Budget ass anescht wéi en normale Budget. No den Douzièmes provisoires zielt dëse Budget nämlech nëmme fir aacht Méint. Duerfir ass et och en Iwwergangsbudget. An awer si schonn éischt Akzenter vun der neier Regierung dran. Esou fannen esouwuel d'Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatoun wéi och de Paquet Logement schonn hiren Nidderschlag an dësem Budget.

Bei der Analys vum Staatsbudget muss een ënnerscheeden tëschent éischters dem traditionelle Staatsbudget, esou wéi en no de Reegele vum Kontabilitéitsgesetz vun 1999 vum Staat opgestallt ass, zweetens dem Budget vum Zentralstaat no den europäeschen Normen an drëtens dem Budget, deen de Gesamtstaat betrëfft, dat heescht den Zentralstaat, d'Gemengen an d'Sécurité sociale. An deem Fall schwätze mer vum Budget vun der ëffentlecher Verwaltung.

Fir vum traditionelle Staatsbudget op de Budget vum Zentralstaat ze kommen, rechent een d'Ausgaben an déi eege Recettë vun den ëffentlechen Etablissementen, de Fondatiounen, de Staatsservicer mat Gestion séparée an de Spezialfongen derbäi.

Esou gesi schléisst den traditionelle Staatsbudget mat engem Defizit vun 2,16 Milliarden of, de Budget vum Zentralstaat mat engem Defizit vun 1,9 Milliarden an de Budget vun der Administration publique mat engem Minus vun 987 Milliounen.

Den Defizit vum Zentralstaat ass besonnesch op déi méi héich Progressioun vun den Dépenses par rapport zu de Recetten zréckzuféieren. Hei ass awer ervirzehiewen, dass d'Schéier tëschent dem Wuesse vun den Einnamen, plus 7,1 %, an dem Wuesse vun den Ausgaben, plus 7,6 %, méi no zesummekënnert.

Um Niveau vun den Dépenses falen och nach ëmmer d'Moosnamen aus dem Solidaritéitspak respektiv dem Energiedesch an d'Gewiicht.

Eng aner Erklärung ass op déi héich Investitiounen zréckzuféieren, déi d'Regierung fir dat nächst Joer virgesinn huet, an dat am Sënn, fir eiser Wirtschaft an ongewëssenen Zäite weider ze hëllefen. Net manner wéi 4,4 % vun eise PIB ginn d'nächst Joer investéiert. Dat entsprécht 1,25 % vun de Gesamtausgabe vum Staat a sinn 3,7 Milliarden Euro.

D'Staatsschuld soll Enn 2024 bei 26,5 % vum PIB leien a sech op 22,2 Milliarden Euro belafen.

Här President, esouwuel de Staatsrot wéi och d'Berufskummeren hu ganz interessant Avisen esouwuel zum klassesche Gesetzesprojet vum Budget 2024 geschriwwen wéi och zum laangfristige Finanzplang bis 2027. Ech verweise fir den Detail op mäi schrëftleche Rapport.

Wéi ugangs vu menger Ried gesot, kommen ech elo op eis Finanzplaz ze schwätzen, där ech a mengem schrëftleche Rapport e gréissert Kapitel gewidmet hunn. Iwwer eis Finanzplaz gëtt an der Reegel net vill geschwat. Dobäi ass eis Finanzplaz mat hiren Servicer eng vun den Haaptschlagodere vun der Lëtzebuerg Wirtschaft – ee vun den Haaptpillieren, wéi ëmmer gesot gëtt. Mir hunn net nëmme eng grouss, mee och eng ganz performant Finanzplaz. Villes, wat mir eis hei am Land leeschte kënnen, hängt och vun der Gesondheet an der Leeschtungsfaegkeet vun der Finanzplaz of. Duerfir ass d'Finanzplaz wichteg fir Lëtzebuerg. Si erwirtschaft zënter Jore ronn e Véierel vun eise nationale Räichtum. An anere Wieder: All véierten Euro gëtt an der Finanzwirtschaft erwirtschaft.

Virun allem am Beräich vun eise Steieren ass d'Finanzplaz e grousser Contributeur. Am Joer 2023 huet d'Finanzplaz 4,7 Milliarden Euro u Steieren hei zu Lëtzebuerg bezuelt. 71 % vun der Kollektivitéitssteuer – dat si ronn 1,9 Milliarden Euro – ginn an de Betriber vun der Lëtzebuerg Finanzwelt erschafft. Bei der Vermögenssteuer sinn et souguer 84 %, wat ronn 922 Milliounen ausmécht. Net ze vergiessen héich dräistellig Milliounebeträg um Niveau vum Impôt commercial an um Niveau vum Impôt retenu sur les revenus de capitaux. De gréissten Deel um Niveau vun der Taxe d'abonnement staamt och vun der Finanzplaz. Am Joer 2023 fléissen esou 1,2 Milliarden Euro an de Staatsbeidel. Och gëtt e groussen Deel vun der Akommessteuer op der Finanzplaz generéiert. Fir 2023 sinn dat 1,3 Milliarden Euro.

D'Cour des comptes huet sech an hirem Avis zum Staatsbudget och mat de Recetten aus dem Finanzsektor beschäftegt a si huet eis e ganz interessanten Tablo presentéiert, deen den Undeel aus dem Finanzsektor u verschiddene Steieren iwwert déi lescht néng Joer retracéiert. Heirauser geet ervir, dass den Undeel vum Finanzsektor ëmmer wäit iwwer 40 % louch.

D'Finanzplaz ass och e wichtege Acteur um Lëtzebuerg Aarbechtsmaart. Dat spigelt sech an den Zuelen erëm. Wann een niewent dem traditionellen Bankesektor d'Fongeschäft, d'Assurancen, déi divers Prestataires de services, wéi Affekoten, Experts-comptables, Reviseurs an aner, materechent, da schaffe méi wéi 64.000 Leit hei zu Lëtzebuerg direkt oder indirekt op eiser Finanzplaz. Dat si 14 % vun der aktiver Populatioun.

Laut der Fondatioun IDEA generéiert eng Aarbechtsplaz op der Finanzplaz eng weider Aarbechtsplaz an engem anere Sektor vun eiser Wirtschaft. Deemno hänke ronn 135.000 Aarbechtsplazen direkt respektiv indirekt vun der Finanzplaz of. Da si mer bal bei engem Drëttel vun der nationaler Beschäftegung.

Ech rappelléieren Iech dës Zuelen, well een heiansdo am ëffentlechen Discours mengt, et géif hei zu Lëtzebuerg och ouni eis Finanzplaz goen. Mee mir wäerten, léif Kolleeginnen a Kolleegen, aleng duerch déi grouss Dependancen, notament um Niveau vun de Steuerrecetten, och an deenen nächste Jore op eis Finanzplaz ugewise sinn. Grond genuch also, fir sech e bësse mat hir ze befaassen, fir ze kucken, wéi ee se konsolidéieren a weiderentwéckele kann.

Dat bedeit awer net, datt een net soll weider op d'Diversifikatioun vun eiser Wirtschaft setzen, fir och



d'Onofhängegkeet vun dëser Finanzplaz ze reduzéieren. Dofir hunn ech mech och mat dësem Theema beschäftegt a weisen duerno wéi a menger Ried op e puer Creneauen an der Wirtschaftspolitik hin, wou ech fir eist Land nei Opportunitéite gesinn, déi ee kéint an Zukunft ugoen.

D'Finanzplaz ass haut méi breet opgestallt wéi nach virun zwanzeg Joer. Esou ass d'Lëtzebuerger Finanzplaz am Moment de weltwäite Leader an den nohaltege Finanzen. Op der Bourse sinn 1.900 Actifs durables opgelëscht a si huet de gréisste Maartundeel a Saache gréng Obligatiounen.

D'Expertis an dësem Beräich huet derzou gefouert, dass souwuel den FMI wéi och d'Weltbank decidéiert hunn, hir gréng Obligatiounen zu Lëtzebuerg ze co'téieren. Dat ass eng Unerkennung fir déi geleeschten Aarbecht an deem Beräich a gutt fir den Image vun eiser Bankeplaz.

Duerch déi nei digital Technologien hu sech nei Zorte vun alternative Fongen entwéckelt, wéi zum Beispill d'Actifs numériques oder d'Actifs numéraires. Mir mussen kucken, dës Fongen hei zu Lëtzebuerg en adequate rechtliche Kader unzibidden, fir eis esou an eng Positioun vum First Mover ze setzen, esou wéi et eis an den 90er-Jore gelongen ass mam Opbau vun der Fongenindustrie.

Fir déi nei Fongen, awer och d'Kompetitivitéit vun der Finanzplaz am Allgemengen, spillt d'Steierlaascht eng gewësse Roll. Duerfir ass ze begrëssen, dass d'Regierung amganger ass, Méiglechkeeten ze analyséieren, fir d'Taxe d'abonnement op aktiv geréierten ETF-Fongen, déi an nohaltege wirtschaftlech Aktivitéiten investéieren, erfzesetzen. Och nei Finanzementsforme wéi Blended Finance – dat si gemëschten effentlech-privat Investissementer, déi eng wichteg Roll an der nohalteger energeetescher Transitioun spillen – sollen encadréiert a geféiert ginn.

En zweete Creneau, deen op der Finanzplaz soll weiterentwéckelt ginn, ass de Beräich vun de FinTech respektiv déi Kënschtlech Intelligenz. Lëtzebuerg ass an dësem Beräich haut schonns mam Luxembourg House of Financial Technology gutt opgestallt a regruppéiert all d'Acteuren, déi am FinTech-Beräich ënnerwee sinn. Dës Plattform këmmert sech och aktiv am Ausland ëm dës Entrepreneuren, fir dass si sech op Lëtzebuerg installéieren kommen, fir vun hei aus um europäesche Marché aktiv ze ginn. Esou proposéieren haut schonns vill Sociéitéiten, virun allem Start-uppen, nei innovant Finanzproduiten a -servicer, déi op den neien digitalen Technologie berouen, wéi der Blockchain. Dës Servicer a Produkter wäerten no an no déi traditionell Bankoperatiounen an d'Aart a Weis ze schaffen ofléisen.

Duerch déi Kënschtlech Intelligenz doe sech an dësem Beräich ganz nei Opportunitéite fir d'Acteuren aus dem Finanzsecteur op, sou zum Beispill um Niveau vun de Finanzanalysen, der Berechnung vu Finanzmodeller, dem Erstelle vu cibléierte Produkte fir Clienten an esou weider, deemno nei Méiglechkeeten, déi wäit iwwer einfach Produktivitéitszougewënner oder administrativ Käschterreduktiounen erausginn.

An deem Sënn mussen mir fir den Développement vun de FinTehen nei Geschäftsmodeller entwéckelen. D'Aart a Weis, wéi een un de Client erukënn, muss ugepasst ginn, genee wéi de Marketing an d'Gestioun vum Personal. Dorënner fält och d'Diskussioun iwwert d'Aarbechtszäitorganisatioun. Dofir ass ze begrëssen, dass d'Regierung dës Ëmwälzungen an der Finanzwelt wëll begleeten an ënnerstëtzen.

En anere Punkt, deen a menge Gespréicher iwwer Startuppen an Entrepreneuren aus dem FinTech-Beräich ëmmer erëm op d'Tapët komm ass, ass dee vum

Venture Capital, also dem Capital-risque. Mir si gutt opgestallt, wann d'Betriber sech wëlle bei eis implementéieren. Wa se awer bis ufänken, wëlle richtig grouss ze ginn, dann hu se Problemer, op eise Marché dat néidegt Risikokapital ze fannen. Op deem Punkt si mir net konkurrenzfäeg par rapport zu anere Länner. An do mussen mir eis Gedanke maachen, wéi mir eis Finanzplaz fir dës Zort vun Investisseuren méi attraktiv gestalten kënnen.

Här President, fir dass eis déi nei digital Revolutioun zu Lëtzebuerg geléngt, mussen mir kënnen op spezialiséiert Fachpersonal zréckgräifen. Gradewéi an anere Beräicher vun eiser Wirtschaft gëtt et dës Leit net zur Genüge hei am Land. Dofir muss d'Personal, dat haut op der Finanzplaz schafft, esouwuel fir déi nei technologesch Viraussetzung souwéi och fir déi zukünfteg Reglementatiounen a Gesetzter fit gemaach, reorientéiert a forméiert ginn.

Duerfir ass och ze begrëssen, dass op der Uni Lëtzebuerg d'Offer u spezialiséierten Héichschouldiplomer am Beräich vun de Finanzberuffer ausgebaut gëtt. Et ass awer gewosst, dass esou eng Politik eréischt an e puer Joer hir Friichten dréit. Duerfir ass et onëmgänglech, dass mir eis an der Tëschenzäit mussen beméien, fir Startuppe mat de gesichte Profiller an Talenter op Lëtzebuerg ze lackelen. Ouni si wäert et eis net geléngen, mëttel- a laangfristeg en Ökosystem vun de FinTehen zu Lëtzebuerg ze implementéieren.

Qualifizéiert Personal ze fannen ass awer net nëmmen e Problem fir de FinTech-Sector. Laut der ABBL gouf et am Joer 2022 eng ronn 5.000 Plazen, déi zu Lëtzebuerg net konnte besat ginn. Mee dës Talenter komme mat Sécherheet net op Lëtzebuerg wéinst eise schéine Wieder, wat mer souwisou hei iwwerhaapt net hunn.

Mir begrëssen, dass d'Regierung decidéiert huet, aktiv dës Talenter ze bewerben. Sou soll ënnert dem Lead vum Wirtschaftsminister en Haut comité à l'attraction, la rétention et le développement de talents agesat ginn, dee sech dësem Challenge unhëlt a wou all d'Acteuren aus dem Sektore matagebonne sinn. „Talent attraction“ ass hei d'Stéchwuert!

Mee d'Promotioun am Ausland aleng geet net duer. Mir mussen och iwwer eise steierleche Kader nodenken: Et gëllt, dee méi attraktiv ze gestalten. Dozou gehéiert sécherlech eng Baisse vun der Kollektivitéitssteuer, awer och d'Opsetze vun engem Expat-Regime oder spezifesch Regimier vu Prime-participativen.

En anere Punkt, deen net onweesentlech ass, ass d'Steierklass 1. Et ass bekannt, dass vill Talenter, déi bei eis op Lëtzebuerg kommen, Celibatairë sinn. Laut der OECD ass den Taux moyen um Impôt sur le revenu zu Lëtzebuerg wäit iwwert der OECD-Moyenne a mir leien och méi héich wéi de Gros vun europäesche Länner respektiv eisen Nopeschlänner, mat Ausnam vun der Belsch. Op deem Punkt si mer net attraktiv par rapport zu eisen direkte Konkurrenten.

Nieft dëse steierleche Moosname mussen awer och aner Ramebedingunge passen, fir dass mir nei Start-uppen, Talenter an och Decideuren zu Lëtzebuerg kënnen begrëssen a fideliséieren. Dozou gehéiert virun allem d'Schafe vun abordablem Wunnraum souwéi d'Offer an de Bau vu schouleschen Infrastrukture fir dës Leit hir Kanner.

Dozou gehéieren och adequat Offeren um kulturellen a sportleche Plang. An d'Sécherheet ass och e wichtige Facteur, deen net ze ënnerschätzen ass. Dofir ass et wichteg a richtig, dass d'Regierung d'Investitiounen an all dës Beräicher an doriwwer eraus weiderhin héichhält. Déi ganz digital Transformatioun op der Finanzplaz gëtt et nun emol net zum Nulltariff. Et

bedeit fir d'Entrepreneuren héich Investitiounen an d'Formatioun, an d'Personal an an d'Infrastrukturen.

Här President, e groussen Defi wäert och de Problem vun der Cyberkriminalitéit ginn. Date sinn d'Gold vun der Zukunft, an déi mussen méi wéi jee geséichert ginn. Dës Feststellung gëllt net nëmme fir de Finanzsecteur, mee allgemeng fir déi ganz Wirtschaft an och fir de Staat. Déi rezent Attacken op staatlech Servere waren en Avant-goût vun deem, wat eis an Zukunft kéint erwaarden, mee et gëllt awer virun allem fir de Finanzsecteur, wou et ganz vill a ganz vill sensibel Date gëtt.

D'Entrepreneuren am Finanzberäich mussen sech géint d'Menacë vu Cyberattaque wiere kënnen. Dofir sinn Investissementer an d'Cybersécherheet onerlässlech an de Staat soll si an hire Beméiungen ënnerstëtzen. An dëser Optik gëtt ënner anerem de Rôle an de Fonctionnement vum Haut comité de la place financière gestärkt, deen eng nei Strategie fir d'Finanzplaz soll ausschaffen.

Här President, fir dass déi digital Revolutioun mat Succès op der Lëtzebuerger Finanzplaz kann duerchgefouert ginn, mussen elo déi richtig Weiche gestallt an Entscheedunge getraff ginn. Ech hunn an de leschte Minutten e puer Beräicher opgezeechent, wou muss gehandelt ginn. Et gëtt der nach méi an duerfir verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Duerch Gespréicher mat villen Organisatiounen aus dem Finanzsecteur, deenen hir Doleancen ech genee nogelauschert hunn, sinn ech der Iwwerzeugung, dass follgend Punkte prioritär sinn, fir d'Consolidatioun an d'Diversifizéierung vun der Finanzplaz ze assuréieren an esou weiderhin kompetitiv ze bleiwen:

Éischtens: D'Opstelle vun enger attraktiver Reglementatioun a Gesetzgebung, fir innovativ FinTech-Aktivitéiten an déi Kënschtlech Intelligenz zu Lëtzebuerg ze implementéieren.

Zweetens: Lëtzebuerg als „the place to be“ vun den nohaltege Finanzen promovéieren.

Drëttens: Auslännesch Talenter an Decideuren op Lëtzebuerg unzéien a fideliséieren duerch geziilt steierlech Ureizer an d'Sécherstellung vun attraktiver Ramebedingungen a Liewenskontitiounen.

Véiertens: Lëtzebuerg attraktiv fir Venture Capital maachen, fir dass Startuppen an Entrepreneuren am FinTech-Beräich richtig duerchstarte kënnen.

Fënneftens: D'Investissementer an d'Cybersécherheet eropsetzen.

A sechstens: D'Zusammenaarbecht an der Recherche tëscht der Uni Lëtzebuerg an dem Finanzsecteur verbessern an nei spezialiséiert Héichschouldiplomer am Beräich vun de Finanzen ubidden.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass also ganz kloer, dass de Finanzsecteur eent vun eise Standbeenen ass. Et ass och kloer, dass de Finanzsecteur wichteg fir d'Lëtzebuerger Staatsfinanzen ass, mee Lëtzebuerg ass awer méi wéi just de Finanzsecteur.

Mir wëssen, dass dräi Véierels vun eiser Wirtschaftsleeschtung iergendwou anescht produzéiert gi wéi op der Finanzplaz, a genee dat därefer mer net vergiessen. Dofir ass et wichteg, eis Wirtschaft ze diversifizéieren an nei Beräicher ze sichen, an deene mir e Méiwäert an Aarbecht fir Land a Leit schafen. Vill Regierung hu sech mat dësem Challenge an de leschte Joerzéngte beschäftegt.

A mengem Rapport hunn ech net den Usproch, eng Wonnerléisung ze presentéieren, villméi wëll ech verschidde Pisten opzezeichnen, vun deenen ech der Meeung sinn, dass se derwäert sinn, weider analyséiert

ze ginn. Aus dëse Piste ginn dann och eng Partie Recommandatiounen ervir, wéi een dës Ziler eventuell erreche kéint. Verschidden Iddien iwwerschräide sech mat deene fir de Finanzsecteur wéi zum Beispill Iddien am Beräich vun der Digitalisatioun a vun den neien Technologien, der Kënschtlecher Intelligenz ... Aus Zäitgrënn verweisen ech och do op mäi schrëftleche Rapport.

Eng Gemeinsamkeet hunn awer dës Pisten allegueren. Si berouen op Technologie an op eiser Fäegkeet, genuch Talenter auszubilden an aus dem Ausland unzezielen. Si brauchen och all eng staark Finanzplaz, fir d'Investissementen, déi néideg sinn, ze stemmen an op Lëtzebuerg ze kanaliséieren.

Fir mech huet eist Land d'Potenzial, en Hub fir Kënschtlech Intelligenz a Machine Learning ze ginn. Déi Kënschtlech Intelligenz ass amgaangen, eis Welt an engem rasanten Tempo ze veränneren, eisen Alldag, eis Aarbecht, eis Schoul. An als Land géife mir gutt drun doen, dësen Zuch net ze verpassen.

Déi vieregte Regierung huet 2019 eng éischt Strategie fir KI op den Dësch geluecht. Déi nei Regierung huet an hirem Programm stoen, dës wëlle weiderzeféieren an ausbauen. A mengen Aen ass dat enorm wichtig an dëst misst carrement eng Prioritéit sinn.

Mat Satisfaktioun hunn ech zur Kenntnis geholl, datt eis Regierung eng Letter of Intent mat der kalifornescher Startup Pony.ai ënnerschriwwen huet, fir dës op Lëtzebuerg ze lotsen. Mir sollten eis Wirtschaftsbeziungen no baussen notzen, fir weider Firmen aus deem Beräich unzezielen, fir dass eist Land e KI-Laboratoire ka ginn, an dëst an Zesummenaarbecht mat der ëffentlecher Recherche an der Uni.

Mir hunn en Ekosystem, och mat der Industrie an hiren Technologien, déi e fruchtbaren Närbuedem fir KI duerstellen. Wa mir e Centre d'excellence fir KI an nei Technologien wëlle ginn, da brauche mir nieft helle Käpp och eng ganz performant Rechecapacitéit a Storage fir d'Donnéeën.

A punkto Datenzentren an High Performance Computing ass an eise Land scho ganz vill geschitt. Mir hunn e gutt Netzwierk vu gesécherten Datenzentren a mat MeluXina ee vun deene performantsten High Performance Computeren an Europa. Dësen ass en Deel vum europäeschen Netzwierk EuroHPC, also High Performance Computing, dat säin administrative Sëtz hei zu Lëtzebuerg huet. Och d'Uni huet en High Performance Computer.

Déi richteg Bausteng sinn also en place, fir aus eise Land en Technologiehub ze maachen. Fir eis awer definitiv ze etablieren, bräichte mir nach en Datenzenter vu Format, souzesoen en Datenzenter vu Google, fir eis Visibilitéit a Kredibilitéit am Ausland weider auszubauen. Déi lescht Noriichten iwwer Google ware jo positiv an ech hoffen, dës Regierung huet Erfolleg, wou déi vieregte versot huet.

*(Exclamations et brouhaha)*

Wa mir wëllen en Hub fir Daten, Superrechner a KI ginn, da komme mir net derlaanscht, och en Hub fir Cybersécherheet ze ginn. D'Cyberkriminalitéit ass eng Bedroung fir Privatpersounen, Firmaen a fir eist Land am Allgemengen. Als Land mussen mir eis dogéint verteidegen an déi rezent Cyberattack op d'Servere vun der Regierung huet bewisen, dass dës Gefor reell ass.

Feindlech Acteuren, déi oft am Opdrag vun anere Länner agéieren, sinn eng Realitéit an dowéinst mussen mir besser ginn an der Cybersécherheet. Och do gouf scho vill Viraarbecht geleescht mam House of Cybersecurity an dës Regierung wëll och do weider agéieren, och fir Kleng- a Mëttelbetreiber besser ze sensibiliséieren an ze schützen.

Eis Finanzplaz an eis Datenzentere brauchen eng Weltklass-Cybersécherheet. Dës kann a soll och en Deel vun eisen Defenseausgabe ginn, mee dorop kommen ech spéider zrëck.

Héich Technologie a performant sécher Netzwerker sinn de beschten Närbuedem, fir e grouse Sprong an der intelligenter Mobilitéit ze maachen. Mir hunn en Netzwierk vu Betriber, déi schonn an der autonomer Mobilitéit tätég sinn an an der Groussregioun testen. Mat der Firma Lyten, déi sech engagéiert huet, op Lëtzebuerg ze kommen, gëtt dëst Netzwierk nach verstärkt.

Mat der richteger Kombinatioun tëscht Technologie an Nohaltegkeet kënnen mir en Hub vun der intelligenter an nohalteger Mobilitéit vu muer ginn an eis Finanzplaz kann hëllefen, Investeuren a Firmen unzezielen. Ech denken, mir sollten dës Schrëtt goen.

Eng nei Nisch, déi et och dank der CSV scho méi laang an der Economie gëtt, ass déi vum Espace. Och do sinn ech der Meenung, datt mir déi solle weider ausbauen, mat de Firmen, déi hei sinn, awer och mat neie Firmen vu bausen.

*(Brouhaha)*

A mengem schrëftleche Rapport sinn ech drop agaan, wat mir hei hunn, an deene meeschte Leit sinn d'SES oder d'Luxembourg Space Agency e Begrëff. A mengem mëndleche Rapport wëll ech drop agoen, wou d'Rees kéint higoen.

Eis Regierung huet sech derzou engagéiert, de Weltwirtschaftsraum weider ze ënnerstëtzen duerch eng ambitiéis Investitionspolitik. Och sollen déi Technologien anere Secteuren vun der Wirtschaft zeguttkommen, wéi zum Beispill der Finanzplaz.

Lëtzebuerg investéiert an d'Programmer vun der ESA a vun der EU. Do wëll ech de Programm IRIS<sup>2</sup> ervirhiewen, dee vun 2023 bis 2027 geet, mat enger Enveloppe vun 2,4 Milliarden Euro. Et geet drëm, en europäesche System fir geséichert Kommunikatioun via Satellitt op d'Been ze stellen. Lëtzebuerg soll do eng Schlësselroll spillen an op d'mannst en Deel vun den 170 Satellitten op nidderegem Orbit solle vun der SES bedriwwen ginn. Eist Land géif sech och gutt als Buedemstatioun maachen, mat den Datenzentren an de Capacitéiten, déi schonn hei sinn.

Mat der Villzuel vu Satellitten, déi mëttlerweil am Weltall fléien, brauche mer och e bessert Reegeliwerk fir de Space Traffic Management, an och do wëll d'Regierung Pionéieraarbecht leeschten an e Gesetz fir d'Gestioun vum Trafick douewe schaffen.

D'Capacitéiten, déi mir hei hunn, erlaben et och, an anere Beräicher, wéi zum Beispill den Dronen, aktiv ze ginn. Wa mir déi néideg Mëttel hei zu Lëtzebuerg hunn, fir se ze steieren, kéint ee sech jo iwwerleeën, ob ee se net och hei baue kéint. Dobäi wëll ech rapelëieren, dass Dronen eng Villzuel vun Applikatiounen hunn, esouwuel zivill wéi militäresch. Si si genesou en Hëllefsmëttel fir eis Landwirtschaft an eise Wäibau oder eise Kampf géint de Klimawandel ewéi fir eis Arméi.

De Krich an der Ukrain huet eis all virun Ae gefouert, wéi wichtig et ass, an eis Verdeedegung ze investéieren an eis Engagement vis-à-vis vun eise Bündnispartner an der EU an an der NATO ze respektéieren.

D'Regierung huet sech engagéiert, 1 % vum PIB bis 2028 an d'Defense ze investéieren a mëttelfristeg op 2 % vum RNB eropzuegoen. Konkreet schwätze mir vun enger Milliard u Méiausgaben. Dat ass e groussen an e wichtige Sprong. Mir gesinn dëst als eng Opportunitéit, Defense an Diversifizéierung ze verbannen. Mir wëllen, dass dës Ausgaben eiser

Wirtschaft, eise Land eppes bréngen. Mir wëllen iwwert dës Ausgabe Wuesstum an Aarbechtspolze schaffen, andeem mir eis op eis Stärken konzentréieren.

Dëst sinn eng Rei Pisten, wéi mir dat kéinte fäerdegbréngen:

Engersäits kënnen mir eis Infrastruktur verbessern. D'Moderniséierung vum Härebierg ass gestëmmt, de Bleesdall an de Waldhaff komme gläich no, an et ass richteg a gutt, dass dës Projete prioritär behandelt ginn.

Och de Findel soll permanent um Niveau gehale ginn, well dank senger laanger Landepist a senger NATO-Pipeline spillt en eng wichteg Roll an der Infrastruktur vun der NATO an Europa.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Diane Aehm** (CSV), rapportrice | Ech wëll och op dëser Plaz nach eng Kéier op d'Iddi vum Militärspidol zrëckkommen, déi schonn zënter 2015 zirkuléiert. E Militärspidol wier net nëmmen e wichtige Bäitrag vun eise Land fir d'NATO, mee och fir de Gesondheetssystem vun eise Land, wa mir et fäerdegbréngen, e mat der Fuerschung am Gesondheitsberäich ze kombinéieren.

Op dëser Plaz ass et och wichtig, de Lien ze maachen zur Cybersécherheet, déi fir mech eng Schlësselroll an der Verdeedegung vun eise Land spillt. Kommt, mir bündelen déi Kräfte, Infrastrukturen an Acteuren, déi schonn hei sinn an entwéckele performant Cyber-Ofwiersysteme a geséichert Kommunikationtechnologien. Eis Expertis ass do e grouse Meerwäert fir d'NATO a gëtt eis eng international Visibilitéit a Kredibilitéit.

Zu deenen Technologien gehéiert och de Weltraum. Mat GovSat fir d'Telekommunikatioun a LUXEOSys fir Biller hu mir zwee Satellitten. Deen een ass zënter 2018 operationell an deen anere soll dëst Joer a Betrib geholl ginn. Des Weideren hu mir mat der SES en Acteur, dee ganz wäit ass an der Kommunikatioun iwwer Satellitt, an d'SES huet och eng Entitéit an den USA gegrënnt, fir mam amerikanesche Verdeedegungssektor zesummeschaffen. Als Aktionär vun der SES soll de Lëtzebuerger Staat dës Expertis unzaapen.

Investissementen an Technologie an Defense mobiliséieren immens vill Kapital. Mir schwätzen hei vu Milliardenbeträgg. Duerfir brauche mir ... Hei feelen e puer Säiten. Et deet mer leed.

*(Mme Aehm récupère les documents manquants.)*

Entschëllegt, dat ass mer peenlech. Voilà!

*(Brouhaha)*

Ech huelen de leschten Abschnitt nach eng Kéier, wou ech amgaange war: dass mer Milliardenbeträgg fir Investissementen an Technologie an Defense mobiliséieren. Eent vun de Stéchwierder, wat ech do bréngen wëll, ass de Future Fund, dee mir zesumme mam Europäeschen Investitionsfond op d'Bee gesat hunn. En anert Stéchwuert ass Blended Finance, eng Form vu Public-Private-Partnership, déi mir haut scho benotzen, fir an nohalteg Projeten ze investéieren.

Mir denken, et wier gutt, déi divers Initiativen, déi et scho gëtt, an eng national Agence fir déi digital Transitioun zesummeschleissen an eis Kräfte domadder besser ze bündelen an ze koordinéieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëst sinn e puer Punkten, déi ech haut de Mëtteg mat Iech deele wollt. Am Resümee stellen ech fest, dass mir déi richteg Acteuren, déi richteg Infrastruktur, déi richteg Betriber, kuerz gesot, en Ekosystem en place hunn, fir eis Wirtschaft iwwert de Wee vun der

Technologie ze diversifizéieren. De Kär ass do, e muss just nach ausgebaut ginn. Mir brauchen nach méi Betriber an och méi Leit, fir eis weiderzeentwécklen. Doru schafft dës Regierung mat Nodrock, an dat ass och gutt esou!

Här President, ech wéilt mä mëndleche Rapport net ofschléissen, ouni nach op e Sujet anzegoen, dee mir besonnesch um Häerz läit: Et geet ëm d'Iwwerverschëldung vun de Lëtzebuurger Stéit. Dëst ass e Sujet, dee leider an der ëffentlecher Diskussioun tabu ass. Fir déi betrafte Leit ass et awer en Drama: Aarmut dréckt an d'Iwwerverschëldung an d'Iwwerverschëldung mécht d'Leit arem.

Wéi tabu dësen Theema ass, dat mierkt ee schonn, wann ee Statistike vun der Iwwerverschëldung sicht, well et fënnt ee se nämlech net esou einfach. Interessanterweis mécht eis Lëtzebuurger Zentralbank verschidden Etüden iwwert d'Veerschëldung vun de Stéit. Dës Etüde baséieren op Ëmfroen, déi si zesumme mam LISER mécht.

An de Resultater gesäit een, dass d'Veerschëldung par rapport zum Revenu disponible vu 75 % am Joer 1996 op 175 % am Joer 2020 geklomm ass. Den Deel vum Prêt hypothécaire an der Verschëldung vun de Stéit ass vu 57 % an den 90er-Joren op 81 % am Joer 2020 gewuess. D'Erklärung heivu sinn déi héich Immobiliepräisser. Des Weideren hu 35 % vun de Leit zu Lëtzebuerg e Prêt à la consommation, an dat ass meeschtens, fir en Auto ze kafen.

Laut dem rezente Rapport annuel 2023 vum Familljeministère gëtt et aktuell hei zu Lëtzebuerg 730 Dosiere wéinst Iwwerverschëldung. An engem ganz interessante Gespréich mat der Ligue médico-sociale si mir méi gewuer ginn iwwert d'Iwwerverschëldung vun de Stéit an och, wat eventuell kann dogéint gemaach ginn.

Eng vun den Haaptpisten ass d'Éducation financière, an dat schonn an der Grondschoul respektiv am Lycée. Laut der CSSF an der Fondatioun ABBL hu knapps

d'Hallschent vun de Lëtzebuurger Awunner zolidd Basiswëssen am Finanzberäich. Hei ass nach vill ze maachen an d'Éducation financière misst an eisen Aen eng obligatoresch Plaz an de Schoulprogrammer hunn.

Mir hunn eis awer och mat der Iddi vun enger Centrale des crédits nom belsche Modell auserneegesat. Hei mussen all d'Prête, déi e belsche Resident huet, bei dëser Kreditzentral gemellt an enregistréiert ginn. Fir Lëtzebuerg kéint dat eng Iddi sinn, natierlech mat den néidegen Upassungen un d'Lëtzebuurger Gesetzgebung. Ech denken do un den Datschutz an un d'Lëtzebuurger Bankgeheimnis, déi net dierfen a Fro gestallt ginn.

Här President, ech wëll ofschléissend nach eng ganz Partie Mercie lassginn. Virop de Membere vun der Finanzkommissioun e grouse Merci fir hir Disponibilitéit an hir aktiv Zesummenaarbecht an dëser Zäit. Merci soe wëll ech och dem Finanzminister a senger Ekipp fir déi gutt Zesummenaarbecht. Och e grouse Merci deene verschiddenen Direktiounen vun der Steierverwaltung, dem Enregistrement, der Douane, dem Conseil national des finances publiques, dem Statec, der Cour des comptes, der Direktioun vun der Zentralbank an natierlech all eise Beruffschamberen, ouni deenen hir fundéiert Avisen och dëse Rapport net an dëser Form hätt kënnen ofgeschloss ginn.

Si hunn op en Neits gewisen, dass een och an engem begrenzten Zäitraum eng exzellent Aarbecht ka maachen. Ech verweisen an dësem Kontext op déi héich Qualitéit vun hiren Avisen, wou ganz vill Facettë vun eise Politicke belicht an analyséiert goufen a vun deene vill Elementer a mä Rapport gefloss sinn.

De Budgetsrapport ass och eng Aarbecht, déi de Budgetsrapporter net aleng mécht. Duerfir brauch een d'Ënnerstëtzung vu ville Leit. Ech wëll dann och hei vun der Geleeënheet profitéieren an hinnen alleguerten e groussen an opriichtege Merci ausdrécken.

Ugefaange bei menger Famill doheem fir hiert Versteedsdemech, dass ech déi lescht Wochen net ëmmer esou disponibel war wéi gewinnt.

Och e grouse Merci un d'Sekretärin vun der Kommissioun, d'Madamm Caroline Guezennec, déi scho méi wéi 20 Joer laang all Budgetsrapporter ënnerstëtzt, awer och Merci un d'Madamm Cristel Sousa an den Här Dan Schmit.

Da wéilt ech och nach de Mataarbechter aus der CSV-Fraktioun Merci soen, an do wéilt ech der zwee besonnesch ervirhiewen. Fir unzefänken de Marc Reiter, eise Secrétaire parlementaire adjoint, dee scho laang am parlamentaresche Geschäft derbäi ass a fir deen et am Géigesaz zu mir net säin éischte Budgetsrapport war, an den Henri Wagener, eise Mann fir d'Wirtschaft an d'Finanzplaz. Mat hirem Wëssen an hirer wäertvoller Mataarbecht hu si vill zum Gelänge vun dësem Rapport bäigedroen. E grouse Merci gëllt duerfir och hinnen zwee.

An ofschléissend soen ech Iech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vun der Budgetsrapporteuse, der Madamm Diane Adehm. Merci villmools, Madamm Adehm.

Muer de Moien héiere mir den Exposé vum Finanzminister Gilles Roth, souwuel iwwert dës zwee Projete wéi och iwwert de Stabilitéits- a Wuesstumsprogramm, de PSC.

Duerno wäert den Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, eis d'Presentatioun vum nationale Reformprogramm, dem PNR, maachen.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnt muer de Moien um 9.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 15.25 heures.)

## 19<sup>e</sup> séance

### Sommaire

#### 1. Ouverture de la séance publique

M. Fernand Etgen, Président de séance

#### 2. 8383 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2024 [...]

8384 – Projet de loi relative à la programmation financière pluri-annuelle pour la période 2023-2027 (suite)

Programme de stabilité et de croissance (PSC) et programme national de réforme (PNR)

Exposé des projets de loi 8383 et 8384 et présentation du programme de stabilité et de croissance (PSC) : M. Gilles Roth, Ministre des Finances (intervention de M. Gilles Baum)

Présentation du programme national de réforme (PNR) : M. Lex Delles, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme

p. 19

p. 19

#### 3. 8383 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2024 [...]

8384 – Projet de loi relative à la programmation financière pluri-annuelle pour la période 2023-2027

Programme de stabilité et de croissance (PSC) et programme national de réforme (PNR) (suite)

Discussion générale : M. Marc Spautz (interventions de M. Sven Clement, M. Marc Baum, M. François Bausch, M. Georges Engel et Mme Sam Tanson) | M. Gilles Baum

Présidence : M. Fernand Etgen, Vice-Président

Au banc du Gouvernement : M. Lex Delles et M. Gilles Roth, Ministres

p. 24